**Fair Promotioun amplaz enger spéider Orientéierungskris: Reform vun de Promotiounskrittären am Niveau inférieur vum ESG**

An de Klasse **7G a 6G** vum **Enseignement secondaire général** ass et hautdesdaags nëmme schwéier méiglech, eng Klass gezwongenermoossen ze widderhuelen. Och Schüler mat **e puer Notten ënner 30** ginn dacks an déi nächst Klass promouvéiert; kritesch gëtt et meeschtens eréischt bei ganz schwaachen Notten, spréch bei Notten **ënner 20** an den zentrale Fächer. An der Praxis ginn deemno vill Schüler trotz grondleeënden Defiziter bis an d'**5G matgeschleeft**. Do ginn dann déi ugesammelt Lacunnen ëmsou méi däitlech, genee an deem Moment, wou wichteg Decisiounen iwwer de weidere Bildungswee getraff ginn.

D'**Jonk Demokraten fuerderen dofir eng Reform vun de Promotiounskrittären** am Niveau inférieur vum ESG. D'Promotioun dierf net automatesch erfollegen, mee muss méi staark un déi **tatsächlech Kompetenze** vun de Schüler gekoppelt ginn. Wien a verschiddenen zentrale Fächer gréisser Defiziter huet, muss méi fréi kloer Réckmeldungen, **obligatoresch Nohëllef** an, wann néideg, och d'Méiglechkeet opgezwonge kréien, d'Klass ze widderhuelen.

Den aktuelle System schwächt de **Leeschtungsprinzip**. Schüler an Eltere kréien ze spéit e realistescht Bild vum tatsächleche Leeschtungsniveau, wärend grondleeënd Kompetenzen an de **Sprooche souwéi an der Mathé** net genuch ofgeséchert ginn. Doduerch gëtt d'5G ëmmer méi zu enger **Opfangklass** fir Problemer, déi schonn an der 7G an der 6G hätte missen erkannt a geléist ginn. Besonnesch benodeelegt si Schüler, déi doheem **net déi néideg Ënnerstëtzung** kréien: Ouni kloer schoulesch Konsequenze ginn hir Schwieregkeeten dacks weider matgeschleeft, wärend aner Familljen Defiziter privat opfänke kënnen.

Doriwwer eraus féiert déi spéit Orientéierung op der 5G och dozou, datt ville Schüler um Enn vun der 5G nëmmen nach e **limitéierte Choix fir hire Bildungswee** hunn. Dacks bleift hinnen da just nach de Wee an eng Léier, zum Beispill iwwer en **DAP oder CCP**, iwwereg. Doduerch gëtt d'**Beruffsbildung indirekt ofgewäert**, obwuel d'Handwierk en usprochsvollen, gläichwäertegen a fir Lëtzebuerg onverzichtbare Bildungswee ass.

Eng Reform vun de Promotiounskrittäre bedeit dofir net, Schüler ze bestrofen. Si bedeit, **Leeschtung eescht ze huelen**, Schwieregkeete méi fréi ze erkennen an d'Schüler méi éierlech ze orientéieren. D'Zil ass eng Schoul, déi **fërdert, awer net matschleeft**.